

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. September 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister vum Ëffentlechen Déngscht an un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

De Staat probéiert ëmmer nees, déi privat Entreprises dovun ze iwwerzeegen, datt si och sollten eeler Mataarbechter engagéieren. Déi Leit hunn dacks wäertvoll Erfahrungs, déi enger Entreprise kéinten zegutt kommen. Leider ass et esou, datt och nach relativ jonk Leit – iwwer 40 – um Aarbechtsmaart scho méi schwéier ze vermëttele sinn.

An dem Zesammenhank wollt ech deenen Häre Ministere vum Ëffentlechen Déngscht a vun der Aarbecht dës Froe stellen:

1. Wéivill Leit iwwer 40 Joer sichen am Abléck eng Aarbecht an hunn sech dowéinst bei der ADEM ageschriwwen? Wéi sinn d'Erfahrung vum der ADEM, wat d'Reinsertioun vu Leit iwwer 40 Joer an eng bezuelten Aarbecht am private Secteur ugeet?
2. Wat mécht d'Regierung fir de private Secteur dovun ze iwwerzeegen, fir och Leit iwwer 40 oder 50 Joer eng nei Chance ze ginn? Ass d'Regierung där Meenung, datt d'Diversitéit op den Aarbechtsplazen och e.a. kann doduerch garantéiert ginn, datt Leit aus ganz verschiddenen Alterskategorien do zesumme schaffen? Kann déi Moosnam och dozou bäidroen, géint d'Altersdiskriminéierung vir ze goen?
3. Wéi eng Fortbildungsname gëtt et fir eeler Leit, déi eng Plaz sichen?
4. Füllt de Staat sech verpflichtet, besonnesch och eeler Leit ze recrutéieren, an domat e Virbild fir déi privat Entreprises ze sinn? Wéivill Leit iwwer 40 huet de Staat an deene leschte Joere rekrutiert, mat wéi enge Qualifikatiounen an a wéi enge Verwaltungen? Wéi e Statut hunn déi Leit?
5. Huet de Staat eng Positioun zu der Astellung vun eelere Mataarbechter an den Entreprises publics an an deenen Entreprises, wou hien Actionnaire ass?

6. Wéivill eeler Leit hunn am Abléck eng „occupation temporaire indemnisée“ beim Staat? Wéivill vun esou OTI-Plaze gëtt et pro Verwaltung eventuell scho méi laang wéi zwee Joer?
7. Ass d'Regierung där Meenung, datt esou OTI-Plazen, déi ëmmer nees nei besat ginn an domat quasi permanent sinn, net weisen, datt zousätzlech Mataarbechter an deene betreffende Verwaltunge gebraucht ginn? Kéinten esou Plazen dann net a permanent Plazen ëmgewandelt ginn a prioritär mat eelere Leit besat ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten